

	<h1>Info - Blat</h1>	No 30 Juni 2020
1933 – 2008 75 Joer Amicale	Amicale des Anciens Elèves de l'Institut et du Lycée Technique Privé Emile Metz asbl	<a href="http://www.amicale-ltpem.lu">www.amicale-ltpem.lu</a> <a href="mailto:amicale@amicale-ltpem.lu">amicale@amicale-ltpem.lu</a>

## Léif Memberen a Frënn vun der Amicale.

Fir d'Alleréischt hoffe mir, dat de Coronavirus Covid-19 Iech an är Famill net getraff huet, a wënschen, dat den Iech net fënnt.

Villes huet an dëse leschten 3 Méint geännert. Déi eng hate grouss Schwierigkeeten, speziell déijéineg déi net schaffe konnten, aner haten manner Problemer an hunn esou guer vun der Situatioun profitéiert, an déi 3. Kategorie, deenen war et egal.

Wa mir mat dene leschte Joren vergläichen ass och fir d'Amicale Villes anescht ginn. Eis eenzeg Aktivitéit war d'Generalversammlung vum 22. Januar 2020. Déi kleng Porte Ouverte mam Crémant, déi grouss Porte Ouverte mat den Eisekuchen an déi programméiert Visitt vun de Raschpëtzer zu Walfer goufen ofgesot. Dës waren fir eis einfach Decisiounen. Vill méi komplizéiert war et fir d'Schouldirektioun mat den Enseignanten an deier ganz neier, ongewinnter, komplizierter Situatioun déi richteg Decisiounen ze ergräifen. No eisen Informatiounen ass d'Schoulreentrée den Ëmstänn entspreichend gutt verlaf.

D'Situatioun zu Lëtzebuerg erlaabt eis lues a lues an eng manner restriktiv Zäit eranzefueren. D'Vakanz steet virun der Dier. Bleiw dir heiheim oder fuert dir fort, mir wënschen e schéinen a gesonden Openthalt.

## Generalversammlung 22. Januar 2020

De Präsident begréisst all déi Leit, déi et derwäert fond hunn op eis Generalversammlung ze kommen, an dat sinn der dëst Joer 45 a besonnesch méi jonk Gesichter! En hieft de Geescht vun der Schoul am Enseignement ervir, esou wei an der Vergaangenheet, Innovativ ze sinn. ( MINT-Programm )



E Merci un Direktioun fir hier Ënnerstëtzung.

De Kach kritt och een décke Merci fir seng Aarbecht: Buffet froid an Desserten, déi wéi gewinnt ganz gutt geschmaacht hunn, wéi mir no der Versammlung konnten feststellen.



Ueschléissend bedankt hie sech och bei de Memberen vum Comité fir hier Aarbecht iwwert d'ganzt Joer. De Prääsident freet eng Gedenkminutt fir un all eis verstuerwen Memberen ze denken. Dëst Joer speziell fir d'Hären Ney Marcel, laangjäregen Comitésmember, Steichen Joseph, eelste Member a Bonifas Albert, Éierendirekter.

Den Aktivitéitsbericht an de Keesebericht goufen ouni Géigestëmm vun der Versammlung ugeholl. Fir d'Joer 2019 hate mir e Bonus vu 24 €. Dëse kleng Bonus ass bedéngt duerch d'Visitt op Baaschtnech an de War Museun.

## **Léif Memberen,**

Doduerch datt dëst Joer keng Porte Ouverte konnt organiséiert ginn, konnten vill Elteren mat hire Kanner, awer och Jugendlecher net déi néideg Informatiounen iwwert d'Schoul kréien. Si hunn net gesinn wéi z.B. d'Schoulsäll, de Physik-, de Chimies-, de Bios- oder den Infossall equipéiert sinn. An den Atelier hunn si déi Schüler déi op den modernsten, z.B. Computer gesteuert Maschinnen schaffen an dat neist didaktesch Material gebrauchen, net gesinn. Esou huet de wichtegen Kontakt mat den Enseignanten a mat de Schüler gefeelt.

All dat huet zur Konsequenz datt nach Plazen op sinn, esou gutt an de Voie d'Orientation (7<sup>e</sup>, 6<sup>e</sup>, 5<sup>e</sup>), am DAP (fréier CATP), am Technicien, an, an da Technique Générale.

Hu Dier an äerer Famill oder an ärem Bekanntekrees Elteren, déi eng Schoul fir hiert Kannt sichen oder Jugendlecher, déi no enger Léier sichen, da verzielt hinnen vum Lycée Privé Emile Metz. Eng 1. Informatioun kréien si um Site vun der Schoul ([www.lpem.lu](http://www.lpem.lu)) oder am Sekretariat Tel. 43 90 61 - 461.

Mir soen Iech Merci!